N° 7635
Entrée le 21.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

Een Artikel op der Website *correctiv.org* beriicht, dass eng zu Lëtzebuerg usässeg Firma matgewierkt huet, fir medial Inhalter vum verbuedene russesche Sender *Russia Today* ze verbreeden. D'Verbreede vun Informatioune vum Sender *Russia Today* ass duerch d'Sanktioune vun der europäescher Unioun zënter Mäerz 2022 verbueden.

Am Artikel heescht et konkret:

> Da GCore in Luxemburg sitzt, sind dort die Behörden zuständig. Allgemein ist die Sache klar: Auch eine Firma, die Server für die schnellere Verbreitung bietet, dürfte Russia Today nicht helfen, heißt es vom luxemburgischen Staatsministerium. „Von den aktuellen EU-Sanktionen sind sie ebenfalls betroffen. So wie es bei Hosting-Diensten oder Broadcast-Diensten der Fall ist, dürfen auch CDN's die Verbreitung solcher Inhalte weder ermöglichen noch in irgendeiner Art und Weise unterstützen." Die Strafe liege bei einem Verstoß bei bis zu 5 Jahren Haft oder 250.000 Euro Bußgeld. Allerdings: Im Falle von Reitenbach und seiner Firma GCore ist bis heute nichts passiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Staatsminister den zitéierte Wuertlaut vun der Äntwert vum Ministère souwéi d'Veracitéit vun den Informatiounen aus dem Artikel konfirméieren?

2. Huet de Premierminister, am Wëssen vun dësen Informatiounen spéitstens no der Prise de Contact vun de Journalisten, eng Denonciatioun beim Parquet gemaach?
   Wa jo, op Basis vu wéi engem Gesetzesartikel?
   Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten